
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Ausse- an Europaminister Jean ASSELBORN op d'parlamentaresch Fro Nummer 3, vum 24. Oktober 2023, vum honorabelen Deputéierten, dem Sven Clement**

1. **Wéi vill Leit sinn am Moment op der Lëscht vum Ausseministère agedroen? Wat sinn hei déi heefegste 3 Länner, déi d'Leit uginn hunn?**

Momentan sinn 1082 Leit am „Lëtzebuerger am Ausland" (LamA) agedroen. Déi 3 heefegste Länner déi d'Leit uginn hunn si folgend: Däitschland, Frankräich an d'Belsch.

2. **Wéi hunn dës Zuelen an de leschte 5 Joer (opgelëscht no Mount) evoluéiert? Wat waren, iwwert déi lescht 5 Joer gekukt, déi heefegste Länner, déi d'Leit uginn hunn?**




De Graphique weist dass déi meescht Leit sech am Summer umellen (an de Méint Juli an August).

Déi heefegste Länner déi d'Leit uginn hunn, ob der LamA Plattform, sinn d'Vereenegt Staate vun Amerika, Thailand, Frankräich, Italien a Spuenien.

3. **Ass de Ministère der Meenung, dass de LamA bekannt genuch ass zu Lëtzebuerg? Oder mussen hei nach Efforte gemaach ginn, fir dass méi Leit dësen notzen - virun allem wann se an d'Net-EU Ausland reesen?**

De LamA fänkt un ëmmer méi bekannt ze ginn an de Ministère schafft wieder dru fir der Plattform nach méi Visibilitéit ze ginn duerch ënner anerem méi Kommunikatioun op de Soziale Medien. Et ass och esou dat wa Leit e neie Pass siche ginn da kréien si en Depliant vum LamA mat den néidegen Explikatiounen ausgehännegt.

Lëtzebuerg, den 16. November2023

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn